N°8261
Entrée le 03.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°8261 vum 24. August 2023 vun der éierewäerter Deputéiert Madamm Diane Adehm iwwert "Présence du loup au Luxembourg"**

**Gedenkt d'Regierung eng Informatiounscampagne zu de Verhalensreegele géint iwwer dem Wollef ze lancéieren, wuel wëssend dass sech grad vill Touristen am Land, a speziell am Osten, befannen?**

Nodeems sech d'Observatiounen a d'Noweiser vu Wëllef an den Nopeschregioune geheeft haten, ass säit 2015 eng ganz offensiv Informatiounskampagne zum Retour vum Wollef a Lëtzebuerg, ausgoënd vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an der Naturverwaltung (ANF), gestart ginn. Lëtzebuerg huet sech sou an de vergaangene Joeren op de Retour vum Wollef virbereed a kloer Leitlinnen fir den Ëmgang mat dëser Déierenaart entwéckelt.

Deel vun dëser Informatiounskampagne sinn:

- D'Ausschaffen an d'Publikatioun vun enger Broschür fir de breede Public (Éischtoplag 2017): Dës Broschür ass a senger drëtter Oplag (2023)[1] frësch publizéiert ginn, a liwwert déi néideg sachlech a fachlech Informatioune fir d'Ëffentlechkeet am Ëmgang mam Wollef. Notamment enthält dës Broschür d'Verhalensreegelen am Fall vun engem Begéine mam Wollef.
- D'Auschaffen an d'Publikatioun vun engem Aktiouns- a Managementplang: Dëse Plang[2] ass 2017 an Zësummenaarbecht mat Vertrieder aus der Landwirtschaft, Wëssenschaft a Fuerschung, Naturschutz, Privatbëschbesëtzer a Juegd ausgeschafft an der Ëffentlechkeet presentéiert ginn. Dës Publikatioun enthält all wichteg Informatiounen, dorënner och Entschiedegungsméiglechkeeten, wéi och Verhalensreegelen am Fall vun engem Optriede vum Wollef. All enregistréierte landwiertschaftleche Betrib an/oder Schoofsbesëtzer hunn dëse Plang zur Verfügung gestallt a geschéckt kritt.
- Pressecommuniquéen an Informatiounskonferenzen: Säit 2015 gi regelméisseg all Joer eng Rei vu Pressecommuniquéen zum Thema Wollef veröffentlecht an och Informatiounsowender ofgehalen. Dës adresséiere sech un de breede Public; hei ginn ë.a. och d'Verhalensreegelen explizéiert. Nach a béide vergaangene Méint (August a September 2023) sinn 2 Pressecommuniquéen zum Thema Wollef veröffentlecht ginn an 3 Informatiounsowender zum Thema Wollef ofgehale ginn; 1mol am Norde vum Land an 2mol am Osten.

D'Verhalensreegelen am Fall vun engem Begéine mam Wollef hu sech am Ausland bewäert. Dës Verhalensreegele ginn an alle Kommunikatiounen och ëmmer opgelëscht, an hei gëtt profitéiert fir déi ze rappeléieren:

*Wölfe sind sehr scheu – Verhaltensregeln im Falle einer Begegnung mit einem Wolf*
*Wölfe meiden in der Regel den direkten Kontakt zum Menschen. Begegnungen zwischen Mensch und Wolf sind daher äußerst selten, aber nicht unmöglich. In der Regel ziehen Wölfe sich zurück, sobald sie einen Menschen bemerken. Sie können aber auch durchaus neugierig sein und den Menschen vor dem Rückzug erst einmal genauer mustern. Die Broschüre "Wölfe in Luxemburg?" erläutert neben vielen anderen Informationen über den Wolf auch Verhaltensregeln, die man im Falle einer Begegnung mit dem Wolf einhalten sollte:*

- *Laufen Sie nicht weg, dadurch kann der Jagdinstinkt ausgelöst werden.*
- *Bewegen Sie sich nicht in Richtung des Wolfs.*

[1] Wölfe in Luxemburg (2023) - Publications - Portail de l'environnement - emwelt.lu - Luxembourg
[2] ANF_614_BT05_wollefspecial_2016.indd (public.lu)

- *Behalten Sie den Wolf immer im Blick. Augenkontakt sollte dabei allerdings vermieden werden.*
- *Machen Sie den Wolf auf sich aufmerksam. Rufen Sie ihm zu und wedeln Sie mit den Armen.*
- *Zieht sich der Wolf nicht gleich zurück, sollte man sich langsam zurückbewegen und einen respektvollen Abstand herstellen.*
- *Nähert sich der Wolf weiter, so soll man ihm weiter zurufen und gegebenenfalls mit vor Ort liegendem Material wie Ästen, Steinen in seine Richtung werfen, um den Wolf auf Distanz zu halten.*
- *Versuchen Sie nie Wölfe mit Futter anzulocken (auch nicht um Fotos zu machen).*

All uewe genannten Informatioune sinn digital disponibel respektiv sinn a Pabeierform bestellbar an disponibel an den Natur- a Bëschzenteren vun der ANF. Weider ass ugeduecht ee Flyer ze preparéieren zum Thema Wollef fir ë.a. an den Touristebüroen an –zenteren auszeleeën. Op dësem Flyer sollen d'Basisinformatioune stoen, z.B. déi graff Ausmoosse vun der Zon, déi Wëllef fest an dauerhaft besiedelen an notzen, an och d'Verhalensreegelen am Fall wou ee géif engem Wollef begéinen. Hei sief awer drun erënnert: de Moment gëtt et zu Lëtzebuerg nach keng bekannten dauerhaft Präsenz vun engem oder méi Wëllef. D'Noweiser an Observatioune fanne vereenzelt a ganz sporadesch statt, dëst och verdeelt iwwert quasi ganz Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg, den 3. Oktober 2023
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung